N°696
Entrée le 11.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 696 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

**Ad 1)**

Am Lycée Bel-Val gi fir Rentrée 2024-2025 zwou nei Klasse fir d'Educateursausbildung ugebueden. Fir dës kënnen ze assuréieren, mussen esouwuel zwee nei Enseignantë recrutéiert ginn, wéi och Enseignanten aus anere Klassen agesat ginn, zum Beispill Enseignanten, déi Coursen op der Sektioun vun de Sciences sociales (GSO) assuréieren. Insgesamt kommen am Lycée Bel-Val fënnef Enseignanten dobäi, fir d'Gesamtoffer vun der Schoul déi nächst Rentrée ze assuréieren.

An der École nationale pour adultes (ENAD) muss een d'Admissiounen ofwaarden, fir kënnen d'Ressourcen ze affektéieren.

Am Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES) leeft d'Etude iwwer den Ausbau vun de Capacitéiten nach, soudatt een zu dësem Moment nach net ka soen, wéi vill Enseignanten zousätzlech gebraucht ginn.

Ganz allgemeng ass net virgesinn, datt duerch den Ausbau vun der Erzéierausbildung Klasse sollen zesummegeluecht ginn.

**Ad 2)**

De Recrutementsprozess grad ewéi d'Affektatiounen an d'Mutatiounen an den Lycéeë sinn nach net ofgeschloss, soudatt zu dësem Moment dës Fro net ka beäntwert ginn.

**Ad 3)**

Et wäert ee mindestens eng Klass op Franséisch wëllen ubidden, allerdéngs muss een hei d'Demande ofwaarden. Vu datt dat eréischt fir d'Rentrée 2025 virgesinn ass, kann ee réischt am Fréijoer 2025 méi kloer affichéieren, wéi grouss d'Demande och ass. An der ENAD ginn d'Admissiounen op Demande gemaach, soudatt een och hei muss ofwaarden, wéi grouss den Interessi ass. Um Site vu Belval sinn déi raimlech Capacitéite virgesinn, fir all Demanden unzehuelen.

**Ad 4)**

Et kann een dovunner ausgoen, datt d'Etudë bis de Summer ofgeschloss sinn. Zu deem Moment weess een, wéi déi Gesamtcapacitéit vum Site zu Miersch wäert evoluéieren. Op dësem Site sinn jo souwuel den LTPES, wéi och den Lycée Ermesinde.

**Ad 5)**

De Besoin un Erzéier ass permanent héich, soudatt et wichteg ass, d'Capacitéite kuerzfristeg ze erhéijen. Dofir gëtt elo d'Offer op Däitsch am Lycée Bel-Val ausgebaut. Vu datt et awer Schüler ginn, déi sech besser an enger franséischer Offer zurechtfannen, ass et virgesinn, esou eng Offer ab der Rentrée 2025 unzebidden. Déi kompetent Servicer a Kommissioune schaffen elo un den noutwendegen Adaptatioune vun de Programmer.

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH